Den Igel

1) Begréissungslidd zesumme mam Kand sangen.

2) Wann Dir eng Handpopp als Igel doheem hutt kënnt dir mam Kand domat spillen, wann net kënnt dir och ee molen a rausschneiden. Ech hunn een als Virlag.

3) Den Igel ass nach midd an huet sech am Bësch verstoppt. Komm mir man eis mol op d'Sich nom Igel.
Elteren hunn den Igel iergendwou verstoppt. Wärend nom Igel gesicht gëtt, kann een op Youtube Bëschgeräischer lauschteren. (Z.B. 6 Stunden Waldgeräusche mit Vögel zur Entspannung/Meditation oder Geräusche zum Einschlafen - Waldgeräusche zur Entspannung)

4) Wann den Igel fonnt ginn ass kënnen d'Eltere virsiichteg mam Fanger widder dem Igel seng Picke kommen an nees zréck zéien. Den Igel pickt e bëssen.

5) Den Igel trëppelt am Raum ronderëm a kënnt dem Kand och Moie soen a krabbelt iwwert verschidde Kierperdeeler. Wärenddeems seet een den Text:

> Den Igel ass ee pickegt Déier, ganz ronderëm.
> Huet Picken hei, huet Picken do, jo ronderëm.
> Firwat, dat weess hie selwer net,
> Hie pickt, hie pickt, hie pickt, hie pickt jo ronderëm.

Dann kann een ufänken d'Lidd ze sangen an dobäi danzen.

> Den Igel ass ee pickegt Déier, ganz ronderëm.
> (E grousse Krees mat den Äerm maachen)
> Huet Picken hei, huet Picken do, jo ronderëm.
> (Mat den Hänn no riets an d'Loft picken an no lénks an d'Loft picken)
> Firwat, dat weess hie selwer net,
> (Am Krees danzen)
> Hie pickt, hie pickt, hie pickt, hie pickt jo ronderëm.
> (Am Krees danzen an d'Kand op de Réck tuppen)

6) Amplaz vu Klanghëlzer, kann een och super hëlze Läffelen oder 2 Faarwen als Klanghëlzer huelen an domat spillen. Sou kann een di kleng Schrëtt vum Igel nomaachen a mat de Läffelen iwwert de Buedem tuppen oder di 2 Läffelen unenee klappen. Den Igel mécht mol kleng, mol lues a mol séier Schrëtt. Dobäi kann dann ënnerschiddlech mat de Läffele gespillt ginn.
D'Kand kann ee Läffel unhalen an Elteren deen anere Läffel. Di 2 klappe Läffelen uneneen.

7) D'Igele rullen sech zesumme wann ee Fuuss si wëll frupsen.
D'Lidd gëtt um Piano gespillt an Igelen trëppelen am Bësch ronderëm. Wann d'Lidd ophält muss een sech schnell zesumme rullen, well den Igel iwwerrall um Réck Picken huet an sech sou virun de Feinde schütze kann. Wann d'Musek nees ugeht dann trëppelt ee weider.
Heiansdo ass d'Lidd mol méi séier, mol mi lues, mol ganz hart. Dozou gëtt passend gedanzt, mol séier, mol lues.